

Matdeelung
vun der Gemeng Manternach am Kader vun den
Artikelen 8 an 9 vum ofgeännerten Gesetz vum 4.
Februar 2005 iwwert den nationale Referendum

De Schäfferot

Vu d'Demande vum Comité d'initiative vum 14. März 2022, déi de Premier- a Staatsminister de 17. März 2022 kritt huet, fir e Referendum iwwert d'Proposition vum der Revisioun vum Kapitel II vun der Verfassung ze organiséieren;

Vu d'Décision vum Premier- a Staatsminister vum 18. März 2022 iwwert d'Recevabilitéit vun där Demande;

Vu d'Kommunikation vum Premier- a Staatsminister am *Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg*, Memorial A – 135 vum 25. März 2022, an Ausféierung vum Artikel 5 vum ofgeännerten Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwer den nationale Referendum;

informéiert

d'Wieler, déi d'Walrecht fir d'Chamberwale hunn an déi an der Gemeng Manternach domiciliéiert sinn, datt si d'Demande iwwert d'Ofhale vun engem Referendum iwwert d'Proposition vum der Revisioun vum Kapitel II vun der Verfassung, déi an éischer Liesung de 9. März 2022 vun der Chamber ugeholl ginn ass, ënnerstëtze kënnen, andeem si sech an de Lëschten aschreien, déi an der Gemeng **vum 9. Abrëll 2022 bis den 9. Mee 2022 abegraff, opleien.**

Während dëser Period sinn d'Lëschten op folgende Plazen an zu folgenden Zäiten zougängelech:

Uert: Gemeng Manternach, 3, Kierchewe, L-6850 Manternach

Deeg an Zäiten: Méindes vun 14:00 – 16:00 Auer, Donneschdes a Samsdes vun 09:00 – 11:00 Auer.

Den Text vun der Proposition vum der Revisioun vum Kapitel II vun der Verfassung kann op den uewe genannte Plätzen an zu den uewe genannten Zäiten agesi gin.

Fir d'Demande iwwert de Referendum z'ënnerstëtzen muss de Wieler sech perséinlech op senger Gemeng presentéieren. De Wieler muss

säin Numm, seng Virnimm a seng Adress dem zoustännegen Agent matdeelen an eng gültig Pièce d'identité virweise kënnen.

Nodeems den Agent kontrolléiert huet ob de Wieler op de Wielerlëschten agedroen ass, leet den Agent dem Wieler d'Aschreiwungslëschte vir an dréit dem Wieler säin Numm, seng Virnimm a säi Gebuertsdatum an.

Nodeems de Wieler dës Aschreiwung kontrolléiert huet, ënnerschreift hien d'Lëscht.

De Wieler deen duerch e physischen Handicap net ënnerschreiw kann, dāerf sech vun enger Persoun begleede loossen, déi a sengem Numm ënnerschreiw dāerf. Dës begleedend Persoun dāerf kee kommunalt, nationalt oder europäescht Mandat bekleeden, si muss liesen a schreiw kënnen an dāerf net gemäß de Bestëmmungen vum Artikel 6 vum ofgeännerten Walgesetz vum 18. Februar 2003, vum d'Walrecht ausgeschloss sinn.

Et dāerfen déi Wieler ënnerschreiw déi den Dag virum Ufank vun der Ënnerschrëftesammlung op de Wielerlëschte fir d'Chamberwale agedroe sinn.

Déi Wieler déi net op der Wielerlëscht vun der Gemeng stinn, mussen eng Décision vum Buergermeeschter vun hirem Wunnuert respektiv vun enger Geriichtsinstanz virweise kënnen déi bezeit datt si d'Walrecht an där Gemeng hunn.

Déi Wieler déi zwar op dës Wielerlëschten agedroe sinn, mee déi hiert Walrecht duerch eng gesetzlech Bestëmmung oder duerch e Geriichtsbescheid oferkant kritt hunn, dāerfe sech net un der Ënnerschrëftesammlung bedeelegen.

All Wieler dāerf nëmmen eemol d'Lëscht ënnerschreiw. D'Ënnerschreiw am Numm vun enger drëtter Persoun ass verbueden ausser am Fall wou eng Persoun eng handicapéiert Persoun begleet.

D'Ënnerschrëft vum Wieler op der Lëscht bedeit datt dës Wieler d'Demande fir d'Ofhale vun engem Referendum ënnerstëtzt.

Dës Demande ass nëmmen dann ugeholl, wa 25.000 Wieler se ënnerstëtzen.

(s.) De Schäfferot